# eng KLACK fir eis SPROOCH
33. Joer
Nr. 319

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH



20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu



Cotisatioun: 20 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000



**Eise Comité:**
Claude Bache (President a Caissier); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Patrick Ehleringer, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Memberen)



**Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch“**

Nächst Klack (Nr. 320): Samschdes, de 4. Abrëll 2026


## Pol Greisch †

De leschte 15. Februar huet am Alter vu 95 Joer mam Pol Greisch eng Perséinlechkeet äis verlooss, déi wéi keen aneren de Lëtzebuerger Theater gepräägt huet.

Gebuer 1930 zu Walfer, war hien en Theatermann duerch an duerch. 70 Joer laang, vun 1953 un, stoung hien, dacks zesumme mat senger Fra, der Juliette François († 2007), a franséisch-, däitsch- oder lëtzebuergeschsproochegen Theaterstécker op der Bün, am Ufank am Eugène Heinen senger Theatergrupp „Les compagnons de la scène“. 1973 huet de Pol Greisch zesumme mam Marc Olinger den TOL – den „Théâtre Ouvert du Luxembourg“ – gegrënnt, een Ensembel, deen den Theater zu Lëtzebuerg wollt professionaliséieren an diversifiéieren.


Nieft enger ganzer Rei vun Theaterstécker (ë. a. „Äddi Charel“ 1966, „Grouss Vakanz“ 1980, „Viru mam Jabel“ 1981, „De laangen Tour“ 1988, „E Platten“ 1995, „Wanter“ 2000 oder „Fënsterdall“ 2008) huet hien och Prosatexter a Gedichter geschriwwen.

Wéi an den 80er Joren déi éischt Filmer zu Lëtzebuerg gedréint goufen, huet de Pol Greisch och do säin Talent bewisen (ë. a. „Déi zwéi vum Bierg“ 1985, „Mumm Sweet Mumm“ 1989 oder „Schacko Klak“ 1990).

Fir seng Wierker krut hien zweemol de Präis vum Nationale Literaturconcours (1979 an 1980), zweemol de Servais-Präis (1993 an 2013) an de Batty-Weber-Präis (2002). Mir vun der Actioun Lëtzebuergesch hunn de Pol Greisch 1996 mat der Sëlwer Éiereplaquette Dicks-Rodange-Lentz ausgezeechent.

Mat engem klenge Gedicht aus senger Fieder soe mir dem Pol Greisch Äddi a Merci fir alles, wat hie fir eis Sprooch gemaach huet.

*Claude Bache*



*De Pol Greisch* (Foto: Paolo Leoni © CNL)

*Ech hunn dech gär*
*heescht dat*
*friesse kënnt ech dech*
*well s de lackleg bass*
*fir dran ze bäissen*
*a frësch wéi d'Quetschentaart*
*oder/an*
*Du méchs mech midd*
*ma du bass et*
*du dees mer wéi*
*ma du bass et*
*du gëss al*
*ma du bass et*
*wann s d'et woors*
*da bleifs d'et*

*(aus: d'Sonnesäit, 2009)*

## Vu Bomien a Kandskanner

Ech hat des lescht meng Kandskanner op Besuch. Wa si sech umellen fir e Besuch, da kacht d'Boma meeschtens dat wat si gären hunn. Den Eelsten huet am léifste **Pouletsstrempelen**. Witzeg gëtt et da beim Metzler wann ech bei der Théik sti fir se ze kafen. Bewosst bestellen ech op Lëtzebuergesch. Mä do ass eng léif Verdeuse, déi hat dat Wuert nach ni héieren, obwuel do och Lëtzebuerger akafe ginn. Si kënnt aus Frankräich an huet den Ausdrock interessant fonnt, si wollt mäi Wonsch noschwätzen, mä dat war fir si net sou einfach. All Respekt, mir hunn e bësse geüübt an dunn hu mir festgestallt: Geet dach! D'Meedchen huet sech beméit. Also net ëmmer sou séier d'Knëppele bei d'Tromm geheien!

Meng Enkelinnen iessen am léifste **Pastaschutta**. Dat Wuert hu mir aus dem Italieeneschen adoptéiert. Meng Bomi huet dat net kannt, si war 1886 gebuer. Si hätt warscheinlech Nuddele mat Tomatenzooss gesot. Bei de Bauere gouf et wat am Gaart, um Flouer an am Bongert gewuess ass, oder am Stall, op der Wiss an am Héngerjuck. Et gouf all Dag Gromperen, meeschtens mat Gréiwen drop, dat ass ausgeloossene more Speck. D'Fleesch koum aus der Solperbiitchen vum eegene Schwäin, oder bei besonneschen Uläss eng Ham aus der Haascht. Eemol d'Woch koum de Metzler aus dem Nopeschduerf an huet Rëndfleesch, Wirschtercher oder Mettwurscht an eng Lyoner bruecht, dat hat meng Mamm bestallt.

Freides gouf et kee Fleesch, duerfir eng Bouneschlupp oder eng Geméiszopp mat **Paangech** oder **Eisekuch**. „**Goofren**“ gouf et op der Schueberfouer. **Wafelen** hate mir just am klengen: „Wäffelcher“, ma dat ass eppes aneschtes.

Et gouf och ni eppes ewech gehäit, owes hunn eis Männer de Rescht Grompere vu mëttes mat enger Brach giess. Den aneren Dag konnt een och nach gebootschte Grompere mat de Reschter maachen, déi Kéier mat duerchwuessenem Speck.

Ech hu nach net ausprobéiert wat meng Kandskanner géinge soen, wann et beemol **Kënnbak, Kuddelfleck, Liewerkniddelen, Gehäck an Träipe** bei der Boma géif. *S. L.*



*„Ech hu nach net ausprobéiert wat meng Kandskanner géinge soen, wann et beemol **Kënnbak**, Kuddelfleck, Liewerkniddelen, Gehäck an Träipe bei der Boma géif.“* (Fotos: Adobe Stock)

**Sollt Dir nach e Kënnbak vun der leschter Stee hunn, sou kann een e kachen:**

**Ganz einfach!**

**E gereecherte Kënnbak mat graff geschniddenem Zoppegeméis (do mécht jidderee wéi en denkt, z.B.: Porrett, Zellerie, eng Muert, Ënn, Lorberblat, Neelcheskapp, Péiterséileg, Träipekräitchen,) a kaalt Waasser leeën, opsetzen an sou laang kache bis d'Schwaart sech léist.**

**Fäerdeg!**

**Do kann ee Sauermous oder Gaardebounen derbäi zerwéieren**

## Alt nach erëm

Eis Sprooch huet vill méi en eegent Gesiicht, wéi dacks gemengt gëtt ... well ze séier ugeholl gëtt, si wier dach „däitsch“. Germanesch, also „germanic“ an net „german“ ass nun emol net nëmmen däitsch, mä grad ewéi d'Hollännescht, d'Skandinavescht an d'Éisträichescht, deelweis och d'Englescht eng „Zort fir sech“.

* Hal op mat dengem topege Gebraddels
* Gëff Dech dach elo
* Knätscht net beim Maufelen
* Fläiss Dech fir heem
* Rapp dee Roff net erof
* Këddel d'Kënni net
* Laf net ze séier
* Piddel net un deene Kozen
* Tuddel kee Kabes
* Këpp dat luesgekachtend Gackelchen op
* Meng Buuschte si gekrauselt
* D'Ketti ass e flott Dickelchen
* De Jos huet se jo net méi all
* Maach dech dach net esou
* De Mett huet d'Bake voller Äässen
* Ech hu Bloderen un de Féiss
* Elo rabbelt et geschwënn

... bis eng aner Kéier.

*Lex Roth*



## De Witz-Eck


**D'Drénkgeld**

– *„Sot, Garçon, drénkt Dir?“*
– *„Neen, firwat?“*
– *„Ma da braucht Der och keen Drénkgeld!“*

**En Hond**

Seet deen een Noper zum aneren:
– *„Sot, wësst Dir, datt Ären Hond déi ganzen Zäit billt?“*
– *„Jo, mä just nuets, am Dag schléift en.“*

*(nach vill méi Witzer fannt Dir am Jérôme Lulling sengem Buch „170 Witzer op Lëtzebuergesch“ – ze kréie bei der AL)*



## D'Kläckelchen 319

(eng Rubrik fir déi Jonk, a fir déi, déi sech jonk fillen)

### Rätsel: Wien oder wat sinn ech?

Hei d'Buschtawen, déi benotzt solle ginn. Et däerf kee Buschtaf iwwreg bleiwen!

~~A~~ A D D E E E E E E E E E E E E E E F F F H I I I I I I J K ~~L~~ L L L M
N N O O P P P R R R R R R S S S S S S T T T T U U V ~~W~~ W W W W

**Grousst Mamendéier, dat am Mier lieft (3 Buschtawen):** *WAL*
**Wichtegst Evenement vum 3. Oktober 2025 (12 Bst.):**
**Alen Ausdrock vun 1859 fir “Damplokomotiv” (8 Bst.):**
**Plaz, wou ee Medikamenter kafe kann (6 Bst.):**
**Hie fléckt d’Ozonlach mat Kachkéis (10 Bst.):**
**Italien huet op der Landkaart d’Form vun engem ... (7 Bst.):**
**Wéi gëtt den 31. Dezember nach genannt (9 Bst.):**
**Lëtzebuerger Ausdrock fir Feuerwerk/feu d’artifice (11 Bst.):**

*P.E.*